

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2022

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- vill ukrainesch Studenten duerch de Krich hir Studien net méi an der Ukrain kënne viruféieren oder als Auslandsstudente mat krichsbedéngte Problemer konfrontéiert sinn;

ass sech bewosst, datt

- et an der aktueller Situatioun wichteg ass, och déi betreffen ukrainesch Studenten ze ënnerstëtzen;
- op der Universitét Lëtzebuerg scho vill jonk Leit aus der Ukrain studéieren;
- d'Universitét Lëtzebuerg scho vill Efforte gemaach huet, fir ukrainesch Studenten an dat akademescht Liewen ze integréieren;

fuerdert d'Regierung op,

- iwwer déi nächst zéng Joer all Joer Studentebourse fir ukrainesch Staatsbierger anzeiichten, déi et jonke Leit erlaben, am Respekt vun hirer nationaler Legislatioun z.B. iwwer de Militärdéngscht, zu Lëtzebuerg ze wunnen, ze liewen an ze studéieren, wa si dat krichsbedéngt net kënnen an hirer Heemecht maachen.